


Question parlementaire N° 1521 de Monsieur le Député Robert Mehlen

Manternach, den 1. Februar 2002



Här Jean Spautz,
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
LETZEBUERG

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un d'Madame Kulturminister weiderzeleeden:

"De Moment as an der Belsch eng grouss Diskussioun amgaang iwer dat, wat ënner "minorité nationale" ze verstoen ass. An deem Kontext erënnert d'Associatioun "Rassemblement luxembourgeois" drun, datt Lëtzebuergesch d'Mammesproch vu ronn 20.000 Persounen am Arelerland ass an datt ongeféier 14,5% vun de Leit an der "Province de Luxembourg" (34.000 Persounen) Grondkenntnisser am Lëtzebuergeschen hun.

Am Kader vun enger interministerieller Konferenz, déi dermatt chargéiert as, fir d'Notioun vun enger nationaler Minoritéit an der Belsch ze définéieren, verlaangt d'Associatioun "Rassemblement luxembourgeois", datt de Leit am Arelerland misst de Statut vun enger nationaler Minoritéit zougestanen, an datt d'europäesch Charta vun de regionalen a minoritäre Sproochen misst applizéiert gin.

Duerfir géif ech Iech, Madame Minister, gären folgend Froë stellen:

- 1. Besteet eng Zesummenaarbecht tëschent Aerem Ministère an dem "Rassemblement luxembourgeois" vum Arelerland, a wa jo, wouran besteet dës Kooperatioun?*
- 2. As eis Regierung bereet, de "Rassemblement luxembourgeois" an sénger Fuerderung ze ënnerstëtzen, a wéi?*
- 3. Gët et nach aner lëtzebuergesch-sproocheg Minoritéiten am Ausland, op déi d'europäesch Charta vun de regionalen a minoritäre Sproochen zoutrëfft?*
- 4. Bestin offiziell Kontakter mat esou Minoritéiten resp. gin esou Minoritéiten vun der Lëtzebuurger Regierung ënnerstëtzt?*
- 5. Wär et nët sënnvoll, an eisen Nopeschregiounen, wou traditionell Lëtzebuergesch geschwaat gët/gin as, an aus deenen -zigtausenden vu Pendler bei eis schaffe kommen, dem Lëtzebuergeschen erem méi Bedeitung ze verschaaften? Sidd Dir bereet, an deem Sënn Initiativen ze ergräifen, a wa jo, wat fir eng?"*

Mat déiwem Respekt,

Roby Mehlen, Deputéierten



GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG

MINISTERE DE LA CULTURE
DE L'ENSEIGNEMENT SUPERIEUR
ET DE LA RECHERCHE

1

Bei der Promotioun vun eiser Sprooch dréit et sech allerdengs op kee Fall ëm d'Ennerstëtzung vum Lëtzebuergeschen als «langue minoritaire», esou wéi dat an der belscher Grenzregioun geschitt an esou wéi den Här Mehlen dat versteet.

D'Lëtzebuergesch ass nämlech zanter 1984 eis offiziell Nationalsprooch, gehéiert also net an d'Kategorie vun de «langues minoritaires» wéi se an der «Charte Européenne des Langues régionales ou minoritaires» vum Conseil de l'Europe de 5. November 1992 definéiert gouf.

Di lëtzebuergesch Sprooch ass nämlech an hirer Qualitéit als Nationalsprooch net d'Sprooch vun enger nationaler Minoritéit sou wéi dat am Areler Raum oder och am Diddenewener Raum de Fall ass.

Et besteet deemno also, aus all denen Ursaachen, keng Zesummenaarbecht tëschent dem Kulturministère an dem «Rassemblement luxembourgeois» vum Areler Land.

ad 2 :

D'Fuerderung vum R.L. riicht sech un di politesch Responsabel aus der Belsch a méi speziell un de Provinzialrot aus der Province du Luxembourg.

Et geet drëm, dem Lëtzebuergeschen op deem spezifeschen Territoire de statut vun enger «langue minoritaire ze ginn». Dëst ass en interne politeschen Dossier, mat deem d'Sproochepolitik zu Lëtzebuerg a kenger Hinsicht befaasst ka ginn.

ad 3 :

Si trëfft zou op den Diddenewener Raum an de Bitbuerger Raum

A kengem vun deene "Cas de figure" ass Lëtzebuerg politesch implizéiert wann et sech ëm de Statut vun enger nationaler Minoritéit dréit.

ad 4 a 5 :

Lëtzebuerg ënnerstëtzt eenzeg an eleng d'Iwwerliewe vun der lëtzebuurger Sprooch am Ausland, an domat all didaktesch a kulturell Initiativen déi an deem Sënn an der Groussregioun organiséiert ginn. Do wou et Sproochecourse gët, do wou Bibliothéike stinn, asw.

De Kulturministère ass selbstverständlech bereet mat Material derzou bäizedroen, eis Sprooch an eis Kultur am Ausland visibel ze man: dëst geschitt am Kader vun den Echanges Culturels.

Heivu profitéieren natirlech di sougenannt Minoritéiten a virun allem och déi vill Awunner ronderëm Lëtzebuerg, déi an eist Land schaffe kommen. Eis offiziell Sprooch - d'Lëtzebuergesch - ass duerch säi Statut vun 1984, och automatesch eng «langue d'intégration». Dat erklärt, firwat d'Zuel vun de Sproochecoursen an engem Steck klëmmt!

Erna HENNICOT-SCHOEPGES
Minister fir Kultur, Héichschoul a Fuerschung